piraten.lu

N°4220
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An engem Artikel am Wort vum 26te Mee am Kader vun hirer Serie „Hospital Secrets" gëtt ee Fall beschriwwen, wou ee Patient, duerch eng schlecht duerchgefouert Operatioun an engem Lëtzebuerger Spidol schwéier kierperlech Schied dovu gedroen huet an zënter Joren ëm Gerechtegkeet a Schuedenersatz kämpft.

Den Artikel wërft schwéierweiend a systematesch Problemer am Lëtzebuerger Gesondheetssystem op. Besonnesch problematesch ass, datt laut dem Artikel d'Krankenakt vum Patient „op mysteriéis Aart a Weis verschwonnen" wier an och, dass d'Berichter vun der Operatioun Operatiounsrapporte onvollstänneg a souguer falsch wieren.

Der Patiente Vertriedung no, wier dat heite keen Eenzelfäll.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Reklamatiounen betreffend feelend, onvollstänneg oder net accessibel Krankenakten sinn dem Ministère bekannt aus deene leschten 10 Joer?
2. Wéi steht d'Ministesch zur Ausso vun der Patiente Vertriedung, dass dat heiten keen Eenzelfall ass?
3. Wéi garantéiert d'Regierung d'Vertrauen an de Lëtzebuergesche Gesondheetssystem a wéi sollen d'Patient:innen zu Lëtzebuerg an de Gesondheetssystem vertrauen, wann se esou tragesch Artikelen iwwert de lëtzebuergesche Gesondheetssystem liesen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Kann d'Regierung ausschléissen, dass déi am Artikel beschriwwe Problemer zu den Krankenakten haut nach ëmmer virkommen?

5. Wat sinn haut d'Konsequenzen, wann eng Krankenakt feelt, onvollstänneg ass oder no engem medezineschen Incident net méi komplett rekonstruéiert ka ginn?

6. Wéi ënnerstëtzt eise Staat d'Affer vun esou trageschen Fäll, wéi dem Mann am Artikel? Op wat fir staatlech a gesellschaftlech Hëllefen kann eng Persoun an dësem Fall ziehlen, fir finanziell de Kapp kënnen iwwert dem Waasser ze halen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten